PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Lëtzebuerg, den 08/04/2020

# Communiqué

**D'Piraten hunn am Kontext vun der Coronakris zwou Gesetzespropositiounen op den Instanzewee bruecht, fir mat der Regierung an den aneren Oppositiounsparteien, op enger konstruktiver Basis, weider Mesuren ze diskutéieren.**

1. D'Piraten hunn ee Gesetzesvirschlag an der Chamber deposéiert, fir d'Locatairen ze schützen. Dëse Gesetzesvirschlag gesäit fir, datt d'Locatairen iwwert eng Period vun 3 Méint kënnen d'Bezuele vum Loyer aussetzen. Dëse Loyer géif dann nodréiglech un de Proprietär ausbezuelt ginn, fir esou ze garantéieren, datt de Locataire net an d'Prekaritéit gestierzt gëtt, well en eventuell seng Aarbecht verluer huet, an de Chômage gefall ass oder gesondheetlech Problemer duerch de Coronavirus kritt huet.

2. D'Piraten hunn een zweete Gesetzesvirschlag an der Chamber deposéiert, dee virgesäit, datt de Remboursement vu Prêten iwwert een Zäitraum vun 3 Méint ausgesat ka ginn. All Bierger deen direkt vun de Konsequenze vum Virus getraff gouf, kann de Remboursement vum Prêt fir déi besoten Zäitperiod aussetzen. Och Mikro, kleng a mëttelstänneg Entreprisë falen an de Champ d'application vun dëser Proposition de Loi.

Dës zwou Propositioune si fir d'Piraten am aktuelle Kontext primordial, well se déi Leit, déi vun de Konsequenze vum Coronavirus getraff goufe schütze géifen a gläichzäiteg deene Leit, déi investéiert hunn, a schwéieren Zäiten, eng finanziell Planungssécherheet bidde kéinten.

D'Deputéierte vun de Pirate Marc Goergen a Sven Clement ënnersträichen ausdrécklech hir Solidaritéit mat allen politeschen a gesellschaftlechen Acteuren, déi aktuell gemeinsam un Solutioune fir eist Land, an dëser schwéierer Zäit schaffen.